1-2021-0-9-6716-01 (n°3648)

Depot : Fernand Kartheiser

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 10. November 2021

5

MOTIOUN

Débat sur la politique européenne et étrangère

D'Chamber vun den Deputéierten,

- ass déif besuergt iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter, d'Fräiheet vun der Press, an d'Situatioun vum Rechtsstaat am Aserbaidschan,
- ass sech bewosst, datt de Phänomen vun der Korruptioun an deem Land wäit verbreet ass a sech bis an déi héchste politesch Kreeser ausgebreet huet,
- bedauert, datt de Staatspresident vum Aserbaidschan, S.E. den Här Ilham Aliev, sech géintiwwer Lëtzebuerg op eng net respektvoll Manéier ausgedréckt huet,
- ass zefridden iwwer d'Initiative vum Europarot, respektiv, der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot, fir Spezialrapporteuren oder Co-Rapporteuren fir déi politesch Prisonéier an d'Behandlung vun de Prisonéier am Aserbaidschan ze ernennen,
- ass déif besuergt iwwer d'Verantwortung vum Aserbaidschan fir den Ausbroch vun dem rezente Konflikt am Nagorno Karabakh an déi Hëllefsleeschtungen, déi d'Tierkei dem Aserbaidschan an deem Kontext ginn huet,
- ass iwwerzeegt, datt all armenesch Krichsgefaangener an armenesch Zivilisten, déi nach am Aserbaidschan festgehale ginn, esou séier wéi méiglech musse kënnen an hir Heemecht entlooss ginn, wéi et och vu villen internationalen Organisatioune verlaangt gëtt,

stellt fest,

- datt den Aserbaidschan d'Prinzipie vum ëstleche Partenariat vun der Europäescher Unioun net erfëllt ( Respekt vum internationalen ëffentleche Recht, Engagement fir d'Demokratie, d'Mënscherechter an de Rechtsstaat, ewéi och eng gutt Regierungsféierung),

fuerdert d'Regierung op,

- sech am Kader vun der Europäescher Unioun dofir anzesetzen, datt keen neit Ofkommes tëschent der Unioun an dem Aserbaidschan soll ofgeschloss ginn, esou laang et keng substantiell Fortschrëtter am Beräich vun de Mënscherechter an deem Land gëtt an déi armenesch Gefaangener nach net konnten an hiert Land zeréck goen.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742